1-2020-0-1-6236-01 (n° 3406)

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Dépôt :
Jeff Engelen

Tratten, de 27. Januar 2021

PL 7621

2

# MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten:

stellt fest,

- datt déi meescht landwirtschaftlech Betriber «en nom propre» gefouert ginn oder de Moment nach op déi üblech Gesellschaftsformen (SARL, SA, etc.) limitéiert sinn,
- datt seriö Reflexioune geféiert musse ginn iwwert speziell Gesellschaftsforme fir d'Landwirtschaft, well de Kontext (ekonomesch, familiär etc.) net wierklech mat anere Secteuren ze vergläichen ass,
- datt d'Landwirtschaftskummer an der Vergaangenheet scho méi wéi eng Kéier gefuerdert huet, datt fir landwirtschaftlech Betriber eng eegestänneg Gesellschaftsform geschaafe soll ginn,
- datt dëse Virschlag vun der Landwirtschaftskummer d'Zoustëmmung vum Staatsrot fonnt huet,
- datt dësem Virschlag vun der Landwirtschaftskummer duerno net méi Rechnung gedroe ginn ass,

ass sech bewosst,

- datt an den Ae vun der Landwirtschaftskummer esou eng eegestänneg Gesellschaftsform dem landwirtschaftleche Secteur ze gutt komme géif am Hibléck op
  - déi kapitalintensiv Reprise vun engem landwirtschaftleche Betrib duerch déi jonk Generatioun, déi esou kéint administrativ vereinfacht ginn,
  - d'Fusioun vu landwirtschaftleche Betriber,
  - d'Gestioun vun Ierfschafts- a Besëtzspréch duerch d'Familljemembere vum Bedreiwer vun engem landwirtschaftleche Betrib,

fuerdert d'Regierung op,

- dem Virschlag vun der Landwirtschaftskummer Rechnung ze droen an eng Kommissioun anzesetzen, déi d'Méiglechkeet an d'Opportunitéit vun esou enger eegestänneger Gesellschaftsform fir landwirtschaftlech Betriber préift.

Jeff Engelen